N°1601
Entrée le 15.01.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°1601 vum 28. November 2024 vun da éierewäerten Deputéierte Madamm Françoise Kemp iwwert de "Stratégie d'adaptation au changement climatique"**

**Gouf den Aktiounsplang, bzw. Deeler dovunner, oder eenzel Secteuren, schonn evaluéiert?**

D'Klimaupassungstrategie vun 2018 huet 42 Moossname fir 13 verschidde Secteuren proposéiert. Dës Moossname goufen op eng méi breet Manéier formuléiert mat enger allgemenger Beschreiwung vun der Moossnam souwéi Beispiller vun Aktiounen, déi dozou bäidroe kéinten d'Moossnam ëmzesetzen. Fir d'Ëmsetzung vun dëse Moossnamen goufen deemools een oder méi Ministèren an/oder Verwaltungen identifizéiert.

Fir den Aktiounsplang ze evaluéieren gouf ënnersicht wéivill konkret Aktioune pro Moossnam ëmgesat gi sinn (≥ 3 konkret Aktiounen; 1-2 konkret Aktiounen, keng Aktioun).

| | Nb d'actions concrètes | Nb de mesures concernées | % |
|---|---|---|---|
| (vert) | ≥ 3 actions concrètes | 24/42 | 57.1% |
| (jaune) | 1-2 actions concrètes | 11/42 | 26.2% |
| (rouge) | 0 *action (ou sans information)* | 7/42 | 16.6% |

Baséierend op Informatiounen déi dem Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit (MECB) vun de jeeweilegen Acteure matgedeelt gi sinn, gouf fir 35 vun den 42 Moossnamen (83,3%) op d'mannst eng konkret Aktioun am Kader vun der Strategie a vum Aktiounsplang duerchgefouert. Bei 24 vun deenen Moossnamen (57,1%) goufen esouguer op d'mannst 3 konkret Aktioune vun de jeeweilege Ministèren ëmgesat. Fir 7 Moossnamen (16,6%) goufen dem MECB keng Aktioune matgedeelt.

**Fir wéini kann ee mat enger kompletter Evaluatioun vun der Lëtzebuerger Upassungsstrategie un de Klimawandel rechnen?**

*Voir réponse à la question précédente.*

**Gedenkt de Minister op Basis vun de neien urgente wëssenschaftleche Kenntnisser a prakteschen Erfarungen eng nei Upassunsstrategie auszeschaffe bzw. déi al Strategie ze iwwerschaffen?**

De MECB huet am Ufank vum Joer een *avant-projet de stratégie et plan d'action* virbereed. Dëst Dokument gouf wärend deene leschte Méint an enger interministerieller Consultatioun vun de jeeweilege betraffe Ministèren a Verwaltungen ergänzt.

De 15 November 2024 huet de Regierungsrot dësen *avant-projet* gutt geheescht, *en vue* vun enger *consultation publique*. De geneeën Oflaf vun der *consultation publique* gëtt an de nächste Wochen finaliséiert an Ufank 2025 gëtt de projet de stratégie virgestallt.

Lëtzebuerg, den 15. Januar 2025
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit